N° 7987
Entrée le 12.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.05.2023

FRAKTIOUN CSV

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 314/2023
15 MAI 2023
A traiter par:
Copie à:

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 12. Mee 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Enn Abrëll kruten d'Baueren e Schreiwes vum Landwirtschaftsministère, an deem si opgeruff ginn, bei enger Etude, déi vum Meenungsinstitut Ilres duerchgefouert gëtt, matzemaachen. Aus dem Schreiwes geet allgemeng ervir, datt et ëm d'Zukunft vun der Landwirtschaft an der Liewensmëttelproduktioun an de nächste Jore geet. An deem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

- Wat gëtt genee an der Etude ofgefrot?
- Wat ass déi genee Zilsetzung vun der Etude?
- Adresséiert sech d'Etude un all d'landwirtschaftlech Betriber am Land?
    - Wa nee, no wat fir Krittäre sinn d'Betriber ausgewielt ginn?
- Wat fir en Impakt wäerten d'Resultater op Gestaltung vun der Landwirtschaftspolitik an den nächste Joren hunn?
- Wéini ginn d'Resultater vun der Etude publizéiert?
- Wat kascht d'Etude?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**

**Deputéiert**

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°7987 vun der éierbarer Deputéiert Martine Hansen**

- **Wat gëtt genee an der Etude ofgefrot?**
  An der Etude geet et drëms erauszefannen, wéi d'Produzenten déi ekonomesch a strategesch Situatioun vun hire Betriber aktuell an an Zukunft aschätzen. Et ginn och Froe gestallt wat hir Suergen an hiren Image ugi respektiv wat si menge wat d'Attente vun de Konsumente vis-à-vis vum Secteur sinn.

- **Wat ass déi genee Zilsetzung vun der Etude?**
  Parallel zu dëser Etude huet de Ministère d'Meenungsinstitut ILRES och beoptraagt, eng Ëmfro bei de Konsumenten ze maachen, déi zum Deel déi selwecht Froe gestallt krute wéi d'Produzenten. D'Zil ass et fir d'Attenten a Besoine vun deenen Engen an Anere besser kennen ze leiere fir se am Sënn vun enger nohalteger Ernierungsstrategie, déi Lëtzebuerg sech an de nächste Jore wäert ginn, besser kënnen ofzestëmmen.

- **Adresséiert sech d'Etude un all d'landwirtschaftlech Betriber am Land**?
  Alleguerten d'landwirtschaftlech Betriber goufe vum Minister Claude Haagen ugeschriwwen, d'Deelhuelen ass fakultativ.

- **Wat fir en Impakt wäerten d'Resultater op Gestaltung vun der Landwirtschaftspolitik an den nächste Joren hunn?**
  D'Resultater vun dësen Etude wäerten een Element bei der Gestaltung vun der zukünfteger Landwirtschaftspolitik duerstellen .

- **Wéini ginn d'Resultater vun der Etude publizéiert?**
  Enn Juni/ Ufank Juli

- **Wat kascht d'Etude?**
  15.475 € (HTVA)

Lëtzebuerg, den 9. Juni 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN